CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JUIN 2019
8111

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un d' Madamm Familljeministesch weider ze leeden.

D'Chambre des Salariés huet rezent eng Etüd verëffentlecht iwwert den Aarmutsrisiko vun den Monoparentaux hei zu Lëtzebuerg. D'CSL weist an hirer Etüd iwwer d'Aarmut, datt 46,2 % vun den Elengerzéienden, no den Transfert sociaux an de Pensiounen, vum Aarmutsrisiko betraff sinn.

D'Zuel vun den elengerzéiende Famillen di manner wéi 40 Prozent vum Revenu équivalent médian zur Verfügung hunn, an esoumadder ënnert en extremen Aarmutsrisiko falen, läit säit 2016 bei 23,3 Prozent. Teschend 2008 an 2015 louch des Zuel an der Moyenne bei 11%.
Dëse Pourcentage huet sech also tëscht 2015 an 2016 méi wéi verduebelt. An och 2017 louch en ëmmer nach bei 21,7%, huet also no der Verduebelung net signifikativ ofgeholl.70 Prozent vun den Elengerzéienden Eltere schaffen, mee hunn een Deelzäitjob, deen dacks schlecht bezuelt ass.

Vu dat Madamm Ministesch wärend der Froestonn an der Chamber vum 18. Juni 2019 net op meng Froen (question parlementaire n°50) geäntwert huet, well ech folgend Froen nach eng Kéier un d'Madamm Ministesch stellen:

1. Wei erkläert sech d' Regierung des staark Hausse vun extremen Aarmutsrisiko bei Elengerzéienden?
2. Gëtt no den Ursaache gefuerscht?
3. Ass déi Zuel vu ronn 22-23% vun extremem Aarmutsrisiko bei Monoparentaux net Grond genuch, elo ganz geziilt fir des Populatioun Mesuren z'ergräifen?

Mat déiwem Respekt,

Paul Galles

Paul Galles
Deputeierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Réf. 2019/6083

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 AOUT 2019

Luxembourg, le 19 août 2019

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** question parlementaire n° 811 de Monsieur le Député Paul Galles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire n° 811 de Monsieur le Député Paul Galles, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne CAHEN

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg
Tél. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570
Adresse postale
L-2919 Luxembourg
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 811 vum Deputéierten Paul Galles**

Den honorabelen Deputéierten hellt a senger Fro Bezuch op eng Etüd, déi d'Chambre des salariés rezent zum Thema Aarmutsrisiko publizéiert huet. Wat d'Berechnungsmethod ubelaangt, wëll ech virop präziséieren, dass hei op Zuelematerial zeréckgegraff gëtt, dat vun Eurostat zesummegestallt ginn ass a wou den Aarmutsrisiko berechent gëtt nom Undeel vun der Populatioun, bei där dat verfügbart Akommes manner wéi 60 % vum nationale medianen Akommes ausmécht. Et sief ze bemierken, dass d'Berechnung vum Aarmutsrisiko heibäi ausschliisslech op déi monetär Dimensioun ausgeriicht ass, fir de Liewensstandard ze evaluéieren.

Fir méi e komplett Bild iwwer d'Situatioun vun de Leit ze kréien, muss een nach aner Indicateure kucken, ewéi zum Beispill den Taux vun der *déprivation matérielle sévère* oder d'*intensité de travail* vun de Ménagen. Zu Lëtzebuerg war den *Taux de déprivation matérielle sévère* vun den elengerzéiende Familljen 4,4 % am Joer 2017 (Quell: Eurostat).

Doriwwer eraus, wëll ech op d'Etüd iwwert e *Budget de référence* verweisen, déi de STATEC am Optrag vum Familljeministère erstallt an 2016 publizéiert huet. Dës Method erlaabt et, méi e komplett Bild iwwert d'Aarmut ze kréien an déi uewe genannten Indicateuren an de Kontext ze sëtzen, andeems gekuckt gëtt, ob déi fir d'Leit verfügbar Ressourcen duerginn, fir e Liewen an Dignitéit kënnen ze féieren.

Wat den Zäitpunkt vun der CSL-Etüd ubelaangt, wëll ech drun erënneren, dass d'Etüd sech op Zuele vun 2017 baséiert. Dat bedeit, dass sech beispillsweis den Effet vum Revenu d'inclusion sociale (REVIS), deen den 1. Januar 2019 a Kraaft getrueden ass, nach net an den opgefouerten Zuelen erëmspigelt, grad esou wéineg wéi aner Reformen, déi d'Regierung an der leschter Legislaturperiod ëmgesat huet. Dozou gehéieren zum Beispill d'Upassunge vun der *Allocation vie chère*, d'gratis Schoulbicher am *Secondaire*, d'*subvention loyer*, d'gratis Kannerbetreiung an déi nei Berechnung vum *Chèque-Service Accueil*.

An dësem Kontext wëll ech dann och dorobber hiweisen, dass de STATEC a sengem rezenten *Rapport Travail et Cohésion sociale* (TCS) de *Budget de référence* un d'Präisentwécklung vun de leschte Joren ugepasst huet an dobäi festgestallt huet, dass no der Reform vum *REVIS* d'Monoparentauxen iwwert dem *seuil de risque de pauvreté* an iwwert dem *Budget de référence* leien.

Eng vun den Haaptursaachen, firwat d'Monoparentauxen dem Aarmutsrisiko besonnesch staark ausgesat sinn, ass de Facteur Aarbecht bzw. déi finanziell Ressourcen, déi sech dorauser erginn. Wann een d'Zuelen iwwert d'Ménagen, déi an der Enquête EU-SILC 2017 gekuckt gi sinn,

analyséiert, da stellt ee fest, dass bei 80% vu den elengerzéiende Ménagen d'Referenzpersoun eng Aarbecht huet. Méi wéi 90% vun den elengerzéiende Ménagen hunn eng Aarbecht op onbefristet Zäit. Allerdéngs ass bei den elengerzéiende Ménagen d'Deelzäitaarbecht iwwerrepresentéiert par Rapport zum Rescht vun der Populatioun (24% bei den elengerzéiende Ménagen, géint 12 % bei der Gesamtpopulatioun).

Dofir hat ech dem honorabelen Deputéierten och schonn an der Froestonn vum 18. Juni 2019 gesot, dass et der Regierung en Uleies ass, fir de Fraen en optimale Kader unzebidden, deen et hinnen erméiglecht an der Aarbecht ze bleiwen, well dat et hinnen erlaabt hir beruffflech Carrière weiderzëentwéckelen, op eege finanziell Ressourcen zeréckgräifen ze kënnen, d'Onofhängegkeet vis-à-vis vum Partner ze behalen an eege Pensiounsrechter ze assuréieren.

D'Reform vum Congé parental vun 2016 ass een Element vun där Politik; hei geet et drëms, den zwee Elteren d'Méiglechkeet ze ginn, eng Zäit bei de Kanner ze bleiwen, ouni awer doduerch Aboussen an hirem Beruff ze hunn. Esou hunn zum Beispill am Dezember 2018, grad esouvill Pappen ewéi Mamme vum Congé parental profitéiert.

Mat dem selwechten Zil fir all Partner an engem Stot d'Méiglechkeet ze ginn aktiv ze sinn an e Revenu ze hunn, hu mer et am REVIS méiglech gemaach, dass an engem Stot, deen de REVIS kritt, all Erwuessenen enger Aarbecht oder enger Aktivatiounsmesure kann nogoen. Esou ass all Partner gläichberechtegt an huet déi selwecht Méiglechkeet, schaffen ze goen. Dat war bis dohinner am System vum RMG net méiglech.

En anert Element vun dëser Politik ass d'Kannerbetreiung, déi esou professionaliséiert a diversifiéiert ginn ass, dass et all Papp a Mamm méiglech ass, enger Aarbecht nozegoen, am Wëssen, dass hier Kanner eng héichwäerteg Betreiung kréien. Am Kader vum Chèque-service Accueil, ass d'Betreiung vu Kanner vu 0 bis 4 Joer bis zu 20 Stonnen an der Woch souguer gratis.

Wat méi präzis de finanziellen Aspekt ubelaangt, wëll ech drun erënneren, dass d'Regierung awer och eng ganz Réi vu Mesure geholl huet, fir den elengerzéiende Familljen geziilt finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen:

Am REVIS kréien d'Kanner, déi an elengerzéiende Famillje liewen, e "*montant forfaitaire de base*" deen zanter dem 1.1.2019 294,90 EUR pro Mount ausmécht a méi héich ass, ewéi de Basismontant vun 227,63 EUR, deen e Kand kritt dat an enger Famill mat den zwee Elterendeeler lieft. Hei ass also eng ganz konkret Mesure fir géint d'Aarmut vun den elengerzéiende Famillje virzegoen. Doniewent kréien am REVIS all d'Famillje mat Kanner e "*montant pour frais communs du ménage*" vun 843,15 EUR, deen och méi héich ass ewéi deen, dee Familljen ouni Kanner kréien an dee bei 733,13 EUR läit.

Doriwwer eraus hu mir d'Berechnung vun der AVC (allocation vie chère) sou ajustéiert, dass ronn 2000 Ménage méi an de Genoss vun dëser Hëllef kënne kommen.

Am Beräich vun de Stéieren, ass de „crédit d'impôt monoparental" eng aner Manéier fir dës Famillje finanziell ze entlaaschten. Ech verweisen hei och op d'Regierungserklärung, déi d'Efforten a Richtung individuell Besteierung wëll weiderféieren:

*"Le Gouvernement poursuivra de manière conséquente les efforts engagés sur la voie de l'imposition individuelle. Une généralisation progressive, couplée à l'introduction d'un barème d'impôt unique nouveau, garantira à terme un modèle fiscal neutre quant au mode de vie des personnes. Un tel changement de paradigme conduira à ne plus décourager l'un des deux conjoints à exercer une activité professionnelle, tel que c'est le cas dans le système actuel ».*

Déi finanziell Charge déi de Logement bedéngt, ass niewent der Aarbecht an de finanzielle Ressourcen eng weider Ursaach, déi par rapport zu Ménage mat zwee Erwuessenen, méi schwéier op de Monoparentauxe läit. Esou huet de STATEC a sengem rezenten TCS-Rapport dorobber higewisen, dass den Undeel vun de Käschte fir e Logement bei Monoparentauxen am Schnëtt tëschent 42,1% an 58,4% vum Revenu brut ausmaache kann. Fir dëse Problem ze léisen, wëll ech den honorabelen Deputéierten op déi am Koalitiounsprogramm ugekënnegt Mesuren am Beräich vum Logement verweisen.